association sans but lucratif
**Gaart an Heem Uespelt a.s.b.l.**

**Léiw Memberen a Frënn vum Gaart & Heem Uespelt,**

de Comité vum Gaart & Heem Uespelt invitéiert Iech ganz häerzlech op hir jäerlech uerdentlech

# GENERALVERSAMMLUNG

## Freides, de 15. Mäerz 2024 um 19:00 Auer

**am Centre Polyvalent an der Schoulstrooss zu Uespelt**

**Dagesuerdnung:**

1. Begréissung vum President
2. Tätegkeetsbericht vum Sekretär
3. Keesebericht vum Tresorier
4. Rapport vun de Keeserevisoren an Entlaaschte vum Comité
5. Wiel vun de Keeserevisoren fir dat neit Joer
6. Festleeë vum Beitrag fir dat neit Joer
7. Neiwal an Erweiderung vum Comité
8. Wiel vun de Juroren vum Concours Village Fleuri fir dat neit Joer
9. Ausbléck op dat neit Joer
10. Fräi Aussprooch
11. Usprooch vun den Éieregäscht

12. Verkaf an Zéiung vun eiser Tombola bei engem gemittleche Patt a Maufel an enger Retrospektiv op 2023 mat Fotoen vun den Aktivitéiten

***De Gaart & Heem Uespelt besteet zënter 1927. Mir hun eis an där Zäit ëmmer rëm moderniséiert a setzen eis Akzenter op Uebst a Geméis, op Blummen a verschidden Handarbechten, mee awer och op d'Biodiversitéit, ouni déi mir keng Zukunft hunn.***

***Mir sichen nach Leit fir an de Comité, déi och Interessen un deenen Themen hunn. Mir sichen och eng Persoun mat Kenntnisser an der Bureautique fir sëch am Sekretariat anzeschaffen.***

***Schwätzt är Bekannten, Kanner an deenen hir Kanner un a motivéiert si, bei eis ze kommen. Et ass keng grouss Aarbecht, an si mëcht Freed. Esou kënne mer obbauen fir déi kommend Generatiounen. An dorausser maache mer eis eng grouss Éier.***

***Kandidature fir an de Comité gi bis ufanks der Versammlung ugeholl.***

D' Bezuele vum Joeresbeitrag vun 10 € fir 2024 an d'Verdeele vun den Täschebicher 2024 maache mir aus organisatoresche Grënn virun der Versammlung um 18.30 Auer.

## Mir freeën eis, Iech ze gesinn !